N°1610
Entrée le 02.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.12.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus weiderzeleeden.

Fir dat neit Joer 2025 kënnegen sech däitlech Präiserhéijunge beim Stroum a méiglecherweis och beim Gas un, dat ënnert anerem och, well déi staatlech Subventionéierung zeréckgefouert gëtt. D'Plattform www.calculix.lu, e gemeinsame Projet vum ILR a vun EControl, gëtt et säit 2013 a se soll de Consommateuren hëllefen, en Iwwerbléck iwwert d'Präispolitik vun de verschiddene Fournisseuren ze kréien. An der Praxis stellt sech awer och eraus, dass vill Leit den Outil entweder net kennen oder net wëssen, wéi en ze benotzen ass.

An deem Kader wëlle mir den Häre Ministeren follgend Froe stellen:

- Wéi e Bilan kënne si vun der Plattform maachen?
- Wéi sinn d'Statistike vum Zougrëff op dës Plattform säit der Aféierung? Fale Perioden ob, wou besonnesch oft op d'Plattform zougegraff gëtt?
- Ass virgesinn, d'Plattform barrièrefräi oder méi accessibel fir d'Leit ze gestalten, déi sech net esou gutt mat därer Zort Outilen auskennen?
- Bis wéini ass mat engem Ausbau vun der Plattform ze rechnen, fir dass zousätzlech Simulatioune méiglech wieren?
- Wéi eng Ustrengunge ginn aktuell ënnerholl, fir d'Plattform bekannt ze maachen?
- Ass virgesinn, d'Plattform zukënfteg méi ze promouvéieren a wa jo, wéi?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Georges Engel
Deputéierten